Reckange-sur-Mess, le 16 janvier 2020.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Robert Leclerc, échevin**
**Christian Tolksdorf, échevin**

# Fokus op Mobilitéit a Jugend

## 1. Mobilitéit

Mat dësem Budget setze mir Akzenter fir d'**Mobilitéit**:

**Fërderung vun der Sécherheet mat ca. 1.095.000 €**:
mir si eng Gemeng mat vill Duerchgangsverkéier. Duerch all eis Uertschaften féieren Nationalstroossen. Moies an Owes passéieren eis Gemeng dausende vu Gefierer. D'Sécherheet am Verkéier an eiser Gemeng ze verbesseren, ass eng vun de Prioritéiten vun der konsultativer Transport- a Mobilitéitskommissioun. De Budget vun dësem Joer steet och kloer an deem Zeechen:

- Reamenagement vun der rue Kamerich an der Kräizung bei der Schoul zu Reckeng, fir d'Sécherheet um Schoulwee eropzesetzen.
- Reamenagement vum Agang vu Lampech, wann een vu Reckeng kënnt.
- Reamenagement vum Agang vun Eileng, wann een vu Reckeng kënnt.
- Ofsécherung vum Foussgängeriwwerwee, verbessert Beliichtung a Beschëlderung vum Bus-Arrêt "Wollefskaul" zu Reckeng.
- Amenagement vun engem Parking op der Kräizung rue de Roedgen / rue Jean-Pierre Hilger zu Reckeng.
- Amenagement vun zousätzleche Parkplazen an der Réispelt zu Reckeng.
-

**Fërderung vum ëffentlechen Transport mat ca. 115.000 €**

- Weiderféiere vum Messbus, deen an Tëschenzäit é wichtegt Transportmëttel fir eis Bierger ginn ass. Um Internetsite vun der Gemeng fannt Dir déi aktuell Horairen an Destinatiounen.
- Finanziell Participatioun um Service „Night-Rider" . Den Night Rider ass een individuellen Nuetsbus um Weekend ouni feste Fuerplang an Haltestellen. Hie féiert Iech dohi wou dir wëllt a bréngt Iech och erëm Heem.
- Finanziell Participatioun um Late Night Bus. De Late Night Bus fiert Freides a Samschdes nuets 2 Mol d'Streck Lëtzebuerg – Leideleng – Riedgen – Reckeng – Lampech – Piisseng – Éileng – Wickreng.

**Fërderung vun der „mobilité douce" mat ca. 120.000 €**

- Virun net all ze laanger Zäit huet eis Gemeng eng Prime fir eBikes agefouert.
- Donieft ass geplangt, fir eis flott Trëppel- a Vëlosweeër duerch d'Gemeng ze beschëlderen.
- Regelméisseg gëtt gekuckt, fir Weeër an d'Rei ze setzen a Méiglechkeete gepréift, fir nei Weeër ze erstellen, och wann dat net ëmmer einfach ass.

Déi opgezielte Projete maache ronn **9%** vun de Gesamtausgabe vum Budget aus.

## 2. Jugend

Mat dësem Budget investéiere mir awer och an eis **Kanner** a **Jugend:**

- De Projet vum Bau vun enger neier, méi grousser, moderner mee funktioneller Maison relais ass op de Schinnen.
- Mir finanzéieren d'Maison relais an d'Jugendhaus an investéieren och an neit Informatikmaterial an der Schoul.
- Aktuell gëtt och un engem Projet geschafft, fir eng partizipativ Plattform fir eis Jugend auszeschaffen, wou déi Jugendlech kënnen hier Usiichten a Besoin'en zum Ausdrock bréngen a sech an eis Gemeng erabréngen.

Domat stellen d'Investissementer an d'Ausgaben fir eis Jugend **23%** vun de Gesamtausgaben vum Budget duer. Wann een den eemolegen Investissement vun der Maison relais eraus rechent, sinn et nach **9%**.

Am Dezember goufen d'Projeten, fir d 'Verlee vum Kollektor fir eis Dierfer un d'Kläranlag zu Schëffleng ze bannen, a fir de Bau vu Waasserréckhaltebecken gestëmmt. Dat si ganz wichteg Projete fir eis Gemeng, net nëmmen aus finanzieller Siicht, mee och wéint dem Naturschutz.

D'Ausschaffen vum Budget ass all Joer é vun de wichtegsten Exercicen. Beim aussergewéinleche Budget sinn ëmmer ganz komplex Dossier'en dobäi. Op dësem Wee ee grousse Merci un déi technesch an administrativ Équipen fir d'Hëllef beim Erschaffen an Diskutéieren vun de Projeten.

Ënnert dem Stréch kann é soen, dass et sech ëm é Budget handelt mat enger Rei groussen Investissementer. Et fënnt een op dësem Budget keng onnëtz Posten, keng „Luxusartikelen". Et sinn Investissementer an d'Infrastrukturen, an d'Sécherheet an domat an d'Zukunft vun, a virun allem an d'Liewensqualitéit an eiser Gemeng.




| TRAJET | ARRÊT | HORAIRE | |
|---|---|---|---|
| KIRCHBERG | ALPHONSE WEICKER (QUAI 2) | 1:15 | 3:15 |
| CLAUSEN | CLAUSENER BRECK (QUAI 2) | 1:20 | 3:20 |
| LUXEMBOURG | BADANSTALT | 1:23 | 3:23 |
| LUXEMBOURG | HAMILIUS (QUAI 2) | 1:25 | 3:25 |
| GARE CENTRALE | QUAI 103 | 1:30 | 3:30 |
| HOLLERICH | FONDERIE (QUAI 2) | 1:32 | 3:32 |
| HOLLERICH | BOUILLON (QUAI 2C) | 1:34 | 3:34 |
| LEUDELANGE | OP DER STROOSS | 1:40 | 3:40 |
| LEUDELANGE | WÄSCHBUER | 1:45 | 3:45 |
| LEUDELANGE | KAMELLEBIERG | 1:47 | 3:47 |
| LEUDELANGE | SCHLEIWENHAFF | 1:50 | 3:50 |
| LEUDELANGE | GARE | 1:53 | 3:53 |
| ROEDGEN | LAANGWIS | 2:00 | 4:00 |
| RECKANGE | AM DUERF | 2:05 | 4:05 |
| LIMPACH | KIIRCH | 2:10 | 4:10 |
| LIMPACH | UECHT | 2:12 | 4:12 |
| PISSANGE | WASCHBUER | 2:15 | 4:15 |
| EHLANGE | AM BRILL | 2:22 | 4:22 |
| WICKRANGE | RUMBAACH | 2:24 | 4:24 |

# Focus sur la mobilité et la jeunesse

## 1. Mobilité

*Avec ce budget, nous mettons l'accent sur la **mobilité**:*

***La promotion de la mobilité de l'ordre de 1.095.000.-€.***

*Nous sommes une commune avec beaucoup de trafic de transit. Des routes nationales passent par tous nos villages. Matin et soir, des milliers de voitures passent devant par notre commune. Améliorer la sécurité routière et communale est une des priorités de la commission consultative de la mobilité et des transports. Le budget de cette année en annonce clairement la couleur:*

- *Réaménagement de la rue Kamerich et du carrefour à proximité de l'école à Reckange pour améliorer la sécurité sur le chemin scolaire.*
- *Réaménagement de l'entrée localité de Limpach, en provenance de Reckange.*
- *Réaménagement de l'entrée localité d'Ehlange, en provenance de Reckange.*
- *Sécurisation du chemin pédestre, amélioration de l'éclairage et signalisation de l'arrêt de Bus «Wollefskaul» à Reckange.*
- *Aménagement d'un parking au carrefour rue de Roedgen / rue Jean-Pierre Hilger à Reckange.*
- *Aménagement de places de parking supplémentaires dans le lotissement Reispelt à Reckange.*

***La promotion des transports en commun de l'ordre de 115.000.-€:***

- *Poursuivre le service Messbus qui, entretemps, est devenu un moyen de transport important pour nos concitoyens. Les horaires et destinations actuels sont disponibles sur le site web de la commune.*
- *Participation financière au service «Night-Rider». Il s'agit là d'un bus nocturne individuel sans trajets ni arrêts déterminés. Il vous emmène où vous le désirez et vous ramène également chez vous.*
- *Participation financière au Late Night Bus. Il circule 2 fois la nuit du vendredi au samedi et du samedi au dimanche et effectue le trajet Luxembourg – Leudelange – Roedgen– Reckange – Limpach – Pissange – Ehlange – Wickrange.*

***La promotion de la «mobilité douce» de l'ordre de 120.000.-€:***

- *Récemment, la commune a introduit un subside pour l'acquisition d'un vélo électrique*
- *Tout notre réseau de chemins pédestres et cyclables sera signalisé et fléché.*
- *Régulièrement, nous cherchons à remettre en état nos chemins pédestres et nous étudions la création de nouveaux chemins, même si cet exercice ne s'avère pas toujours facile.*

*En gros, les projets énumérés ci-dessus représentent **9%** des dépenses totales du budget.*

## 2. Jeunesse

*Avec ce budget, nous investissons également dans l'**enfance** et la **jeunesse**:*

- *Le projet de construction d'une nouvelle maison relais, plus grande, plus moderne et plus fonctionnelle est en cours de route.*
- *Nous finançons la maison relais et la maison des jeunes et investissons dans l'infrastructure informatique de l'école.*
- *Actuellement, nous travaillons sur un projet pour créer une plateforme participative pour nos jeunes, où ils pourront exprimer leurs points-de-vue et leurs besoins et s'investir dans la vie communale.*

*De ce fait, les investissements et dépenses pour la jeunesse représentent **23%** de nos dépenses budgétaires totales. En soustrayant l'investissement unique pour la maison relais, il ne s'agit pus que de **9%**.*

*En décembre, le projet de raccordement du collecteur de nos villages à la station d'épuration de Schifflange a été voté. De même pour le projet de construction d'un bassin de rétention d'eau. Il s'agit là de projets très importants pour notre commune, non seulement d'un point de vue financier, mais aussi pour la protection environnementale.*

*L'élaboration du budget est un des exercices annuels les plus importants. Le budget extraordinaire comporte toujours des dossiers très complexes. Je voudrais donc remercier les équipes techniques et administratives pour leur aide lors de l'élaboration et discussions des projets.*

*En tout et pour tout, nous constatons qu'il s'agit d'un budget avec un important nombre de grands investissements. Par contre, nous ne trouverons aucun poste inutile, pas d'articles «de luxe». Ces investissements serviront les infrastructures, la sécurité et donc le futur et la qualité de vie de notre commune.*



# D'Haaptprojete vum extraordinäre Budget 2020

# *Les projets phares du budget extraordinaire 2020*

Op den nächste Säite fannt dir eng Selektioun u Projeten.
Eng komplett Opléschtung vun alle neien a lafende Projete
fannt dir op der Säit 31.

*Vous trouverez sur les pages suivantes une sélection de projets.
Un récapitulatif complet de tous les nouveaux projets et des
projets en cours se situe sur la page 31.*



# Déi nei Maison Relais

Den Entworf an den Devis goufen de 19. Dezember 2019 eestëmmeg vum Gemengerot geneemegt. Dës Maison Relais wäert 250 Kanner empfänke kënne, vum précoce, préscolaire, Cycle 1, Cycle 2 bis zum Cycle 3.

Den Devis fir d'Aarbechte beleeft sech op 12.000.000.-€.

# *La nouvelle Maison Relais*

*L'avant-projet et le devis ont été approuvés à l'unanimité par le conseil communal le 19 décembre 2019. Cette maison relais pourra accueillir 250 enfants, allant du précoce, préscolaire, cycle 1, cycle 2 jusqu'au cycle 3.*


*Le devis des travaux s'élève à 12.000.000.-€.*






Déi aktuell Situatioun: d'„Petryhaus", rue de la Montée zu Reckeng /
*La situation actuelle: «Maison Petry», rue de la Montée à Reckange*



## Déi nei Maison Relais am Iwwerbléck

**Rez-de-chaussée (Precoce & Cycle 1)**
- Aganksberäich mat Sëtzgeleeënheeten
- Büro fir Elteregespréicher
- Funktionsraim fir de Precoce
- Restaurant & Kreativraim, Rouhraum
- Grouss Fënsterflächen
- Rengegungslokal, Ofstellraim
- Ofstellraim fir Rucksäck a Kleeder
- Sanitäre fir Meedercher a Jongen.
- Behënnertegerecht Toilette mat Dusch a Wéckelkommoud
- Produktiounskichen

**1. Stack (Cycle 1 & 2)**
- Ofstellraum fir Rucksäck
- Iess- an Hausaufgabenzëmmer mat Sëtzeck
- Chillraum a Kreativraum
- Korridor mat Niche de Repos
- Foto- an Dokumentatiounsmauer
- Theaterraum mat Bühn, Bauraum
- Beweegungsraum mat Klotermauer, Schaukelen a Seeler, Museksraum

**2. Stack (Cycle 3 & 4)**
- Openthaltsraim
- Theaterraum, Bauraum, Kreativraum, Medien-Chillraum
- Personalraum a Büro
- Iess- an Hausaufgaberaum
- Ofstellraum fir Rucksäck
- Korridor mat Niche de Repos

**Bausseberäich**
- Virhaff & Spillplaz

**Zousätzlech Informatiounen**
- Passivhausstandart (AAA)
- Photovoltaikanlag
- Lëftungsanglag mat adiabatescher Killung
- Reewaassernotzungsanlag fir Drénkwaasser ze spueren

## La nouvelle maison relais en un clin d'œil

***Rez-de-chaussée (précoce & cycle 1)***
- *Hall d'entrée avec sièges et bancs*
- *bureau pour entretiens parentaux*
- *Salles de séjour pour le précoce*
- *Restaurant et salles créatives, salle de repos*
- *Grandes baies vitrées*
- *Salle de nettoyage, débarras*
- *Salles de rangement pour sacs à dos et vêtements*
- *Sanitaires pour filles et garçons*
- *Toilettes avec accès mobilité réduite, douche et table à langer*
- *Cuisine de production*


***1e étage (cycle 1 & 2)***
- *Salles de rangement pour sacs à dos*
- *Salle a manger et de devoirs à domicile avec coin canapé*
- *Salle de décontraction et de créativité*
- *Couloir avec niche de repos*
- *Mur de photos et de documentation*
- *Salle de théâtre avec scène, salle de construction*
- *Salle de mouvement avec mur d'escalade, balançoires et cordes*


***2e étage (cycle 3 & 4)***
- *Salles de séjour*
- *Salle de théâtre, salle de construction, salle de décontraction et multimédia*
- *Salle du personnel et bureau*
- *Salle à manger et de devoirs à domicile*
- *Débarras pour sacs à dos*
- *Couloir avec niche de repos*

***Installations extérieures***
- *Cour de récréation et aire de jeux*

***Informations supplémentaires***
- *Standard maison passive (AAA)*
- *Installation photovoltaïque*
- *Aération avec réfrigération adiabatique*
- *Récupération d'eau de pluie pour économie d'eau potable*







# De Waasserkollekter tëschent Reckeng op der Mess a Steebrécken

## *Le collecteur d'eaux usées entre Reckange-sur-Mess et Pontpierre*



Fir d'Kläranlag zu Reckeng op der Mess ausser Betrib kënnen ze setzen, gëtt en neie Kollekter tëschent Reckeng a Steebrécke gebaut, deen d'Ofwaasser vu Reckeng an Dippech Richtung STEP vum SIVEC zu Schëffléng bréngt. Den detailléierte Virentworf gouf den 19. Dezember 2019 vum Gemengerot gestëmmt, sou wéi eng Finanzéierungskonventioun mat der Gemeng Dippech. De Projet gëtt mat engem Subside vu 45% vun der AGE ënnerstëtzt. D'Käschte vum detailléierte Virentworf belafe sech op 5.250.000.-€. Falls néideg kann dëse Chantier an 2 getrennten Ofschnëtter ausgefouert ginn.

Den Entworf beinhalt d'Pläng fir de Bau vun engem neie Kollekter, dee vum aktuelle Standpunkt vun der Kläranlag zu Reckeng op der Mess bis zum existéierende Kollekter zu Steebrécken verluet gëtt. Insgesamt beinhalt dëse Projet 3,1 km Kanal, dee folgendermoossen opgedeelt ass:

1. Phas: Eng Duerchpressung ënnert der Autobunn A4 mat uschléissender Verleeung bis bei de Kollekter zu Steebrécken.

2. Phas: Eng Sammelstreck vum existéierende Kollekter zu Reckeng op der Mess bis bei d'Autobunn A4, an enger oppener Bauweis.

*Afin de supprimer la station d'épuration de Reckange-sur-Mess, un nouveau collecteur sera réalisé entre Reckange et Pontpierre pour acheminer les eaux usées de Reckange et de Dippach vers la STEP du SIVEC à Schifflange. L'avant-projet détaillé sera voté par le conseil communal le 19 décembre 2019. Une convention avec le commune de Dippach concernant le financement a été votée par le conseil communal le 19 décembre 2019. Le projet sera subsidié par l'AGE a raison de 45 %. Les coûts de l'avant-projet détaillé s'élèvent à 5.250.000.-€. Si nécessaire, ce chantier peut être exécuté en deux étapes séparées.*

*L'ébauche contient les plans du nouveau collecteur qui sera déployé à partir du site actuel de la station d'épuration de Reckange-sur-Mess jusqu'au collecteur existant à Pontpierre. Ce projet comporte un canal d'une longueur totale de 3,1 km et peut être subdivisé de la façon suivante:*


*1e phase: une pénétration sous l'autoroute A4 avec transfert ultérieur jusqu'au collecteur à Pontpierre.*

*2e phase: un tronçon collecteur partant du collecteur existant à Reckange-sur-Mess jusqu'à l'autoroute A4, sous forme de construction ouverte.*



# Bau vun engem Reewaasserbaseng zu Reckeng op der Mess

# *Construction d'un bassin d'orage à Reckange-sur-Mess*




*Fir den Ofwaasserduerchfloss am Kollekternetzwierk vum SIVEC anzeschränken a fir dësen net z'iwwerlaaschten si mir drop ugewisen e Reewaasserbaseng um Niveau vun der Kläranlag zu Reckeng ze bauen. Dëse Baseng wäert e Volume vun 1.500 m³ hunn an d'Ofwaasser wärend enger gereegelter Zäitspan zréckhalen, am Fall vu staarken Onwieder. D'Ofwaasserkanäl vu Reckeng an Dippech ginn un dëse Baseng ugeschloss. D'Finanzement wäert iwwert e Verdeelungsschlëssel vun 80/20 tëschent de Gemengen Dippech a Reckeng vollzu ginn. Iwwert dësen Devis stëmmt de Gemengerot 2020 of.*

*Afin de limiter le débit des eaux usées à introduire dans le réseau de collecteurs du SIVEC et de ne pas le surcharger, il est nécessaire de construire un bassin d'orage au niveau de la station d'épuration actuelle de Reckange. Ce bassin aura un volume de 1.500 m³ et retiendra les eaux usées pour un laps de temps défini lors de grosses pluie. Les eaux usées de Reckange et de Dippach seront raccordées à ce bassin. Le financement se fera selon une clef de répartition 80/20 entre la commune de Dippach et de Reckange. Le devis sera voté par le conseil communal en 2020.*



Den aktuelle Standpunkt vun der Käranlag zu Reckeng op der Mess. / *L'emplacement actuel de la station d'épuration à Reckange-sur-Mess.*


*

# Bau vu Reewaasserbaseng zu Lampech, Éileng, Wickreng a Piisseng

# *Construction de bassins d'orage à Limpach, Ehlange, Wickrange et Pissange*

*Nom Bau vum Kollekter Reckeng-Steebrécken an dem Reewaasserbaseng zu Reckeng, bleift eis nach de Bau vu 4 Reewaasserbasengen. D'Studien an d'Pläng gi momentan ausgeschafft an d'Investissementer déi ustinn ginn op e puer Joer verdeelt.*

*Après la réalisation du collecteur Reckange-Pontpierre et le bassin de Reckange, il reste à construire 4 bassins d'orage. Les études et plans sont en élaboration. Les investissements y relatifs seront étalés sur plusieurs années budgétaires.*



# Amenagement vun der Plaz virun der aler Schoul zu Éileng

## *Aménagement de la place devant l'ancienne école à Ehlange*








Fir d'Sécherheet vun de Foussgänger ze garantéieren gëtt den Haff vun der aler Schoul souwéi d'Kräizung rue du Centre / rue de l'école als Aire de Rencontre an ëffentlech Plaz reamenagéiert. D'Vitesse gëtt op 20 km/h beschränkt. De Gemengerot wäert 2020 iwwert dëse Projet ofstëmmen an d'Aarbechte wäerten Enn 2020 lassgoen.

*Afin de garantir la sécurité des piétons, la cour de l'ancienne école et le carrefour rue du Centre / rue de l'école seront réaménagé en aire de rencontre/place publique. La vitesse y sera limitée à 20 km/h. Le projet sera voté par le conseil communal en 2020 et les travaux débuteront fin 2020.*



*


# Amenagement vun der Rue Kamerich zu Reckeng


## *Aménagement de la Rue Kamerich à Reckange*




D'Aarbechten an dëser Strooss momentan am Gaang, wou en neie Kanal an eng nei Waasserleitung geluecht ginn. No den ënnerierdeschen Aarbechte wäert d'Strooss an eng Zone 20 reamenagéiert ginn. De Schluss vum Chantier ass fir Summer 2020 virgesinn.

*Les travaux sont en cours pour cette rue, dans laquelle un nouveau canal et une nouvelle conduite d'eau seront posés. Après les travaux souterrains, la rue sera réaménagée en zone 20. La fin du chantier est prévue pour l'été 2020.*





# Amenagement vum Agank vun Éileng

# *Aménagement de l'entrée d'Ehlange*

Den Devis an den Amenagementsprojet wäert am Joer 2020 vum Gemengerot gestëmmt ginn. D'Bushaltestell wäert verbessert ginn, sou dass si dem Foussgänger méi Schutz bitt. Eng zentral Insel wäert dozou bäidroen, de Verkéier z'entschleunegen. Den Trottoir gëtt vervollstännegt, Zebrasträife kommen dobäi an d'Stroossebeliichtung wäert verbessert ginn, sou dass de Foussgänger e suergefräie Spadséiergang garantéiert ka ginn.

*Le devis et le projet d'aménagement sera voté par le conseil communal en 2020. L'arrêt de bus sera aménagé de sorte à proposer davantage de sécurité. Un îlot central servira à ralentir le trafic. Le trottoir sera complété, un passage piétons supplémentaire sera réalisé et l'éclairage public amélioré, de sorte à assurer aux piétons une promenade sans soucis.*







# Amenagement vum Agank vu Lampech

# *Aménagement de l'entrée de Limpach*

D'Aarbechte fir dëse Projet hunn am Januar 2020 ugefaangen. Vu Reckeng aus gëtt de ganzen Uertsagank vu Lampech nei amenagéiert. Zousätzlech Parkplaze sinn op enger Säit vun der rue de Reckange virgesinn, op där de Verkéier och entschleunegt gëtt duerch nei Zebrasträifen um Niveau vun den éischten Haiser.

*Les travaux pour ce projet ont débutés en janvier 2020. En provenance de Reckange, toute l'entrée de la localité sera réaménagée. Des places de parking supplémentaires ont été prévues d'un côté de la rue de Reckange, sur laquelle le trafic sera ralenti par l'ajout d'un passage piéton au niveau des premières maisons.*










## Amenagement vum
## *Aménagement du*
## Parking Rue de Roedgen - Rue Jean-Pierre HIlger

Op dëser Kräizung gëtt de Parking nei amenagéiert. D'Kanalnetzwierk gëtt verbessert, sou dass d'Uewerflächewaasser besser ofgeleed ka ginn. Den Devis fir dëse Projet beleeft sech op 70.000.-€.

*Sur ce carrefour, le parking sera réaménagé. Le réseau des canaux sera amélioré de sorte à mieux évacuer les eaux de surface. Le devis de ce projet s'élève à 70.000.-€.*

---







## Amenagement vum
## *Aménagement du*
## Parking An der Reispelt

An der Cité Reispelt sinn zousätzlech Parkplaze virgesinn. d'Gréngfläch gëtt amenagéiert an d'Strooss ronderëm gëtt fir de Bus optimiséiert. Den Devis fir dëse Projet beleeft sech op 60.000.-€.


*Des places de parking supplémentaires sont prévues dans le lotissement Reispelt. L'espace vert sera aménagé et la rue autour optimisé pour le passe du bus. Le devis de ce projet s'élève à 60.000.-€.*



## Ersatz vun de Verkéierluuchten
## *Remplacement des feux tricolores*
## *Rue des Trois Cantons à Ehlange*

D'Verkéiersluuchte ginn ersat, d'Zebrasträife ginn ofgeséchert an d'Stroosseluuchten optimiséiert. Den Devis fir dëse Projet beleeft sech op 35.000.-€.

*Les feux tricolores seront remplacés, le passage piétons sécurisé et l'éclairage public optimisé. Le devis pour ce projet s'élève à 35.000.-€.*




Fir de Verkéier op der Héischt vun der Bushaltestell z'entschleunege gi Warnschëlder a béid Richtungen installéiert, déi d'Automobilisten op d'Präsenz vun Zebrasträifen opmierksam maache sollen. D'Zebrasträife wäert besser beliicht ginn an d'Luuchtepottoe wäerte mat Warnknäppercher ausgestatt giinn.



## Sécherung vum Busarret
## *Sécurisation de l'arrêt de bus*
## „Wollefskaul"


*Pour ralentir le trafic au niveau de l'arrêt de bus, des panneaux avertisseurs seront installés à proximité pour avertir les automobilistes de la présence d'un passage pour piétons. Le passage piéton sera mieux éclairé et les lampadaires seront dotés de boutons poussoirs avertisseurs.*

# Stabilisatioun vun der Mess zu Éileng

## *Stabilisation de la Mess à Ehlange*

Fir d'Awunner virun den Iwwerschwemmunge vun der Mess ze schützen, gëtt d'Ufer vun der Mess op der Héischt vun der Bréck am Ufank vum CR172 stabiliséiert. Den detailléierte Virentworf gouf 2019 vum Gemengerot gestëmmt, d'Soumissioun wäert 2020 gemaach ginn.

*Afin de protéger les habitants de la rive des crues de la Mess, la berge de la Mess sera stabilisée au niveau du pont au départ du CR172. L'avant-projet détaillé à été voté par le conseil communal en 2019, la soumission sera faite en 2020.*






*

# Sanéierung vun der Bréck iwwert der Mess „Graspäsch"


## *Réfection du pont sur la Mess «Graspäsch»*






Dëse Projet, déi de Landwirt den Zougank op hir Felder an Häff garantéiert an d'Sécherheet verbessert, gouf 2019 vum Gemengerot gestëmmt. Momentan gëtt op den Accord vun der ASTA (Administration des services techniques de l'agriculture) fir de Subside gewaart. D'Käschte fir den detailléierte Virentworf belafe sech op 240.000.-€ an d'Aarbechte ginn 2020 un.

*Ce projet, qui sécurise et facilite l'accès des agriculteurs à leurs propriétés, a été voté par le conseil communal en 2019 et est actuellement en attente de l'accord de l'ASTA (Administration des services techniques de l'agriculture) pour le subside. Le devis pour l'avant-projet détaillé s'élève à 240.000.-€ et le chantier débutera en 2020.*



# Erneierung vun der Stroossebeliichtung zu Piisseng
## *Remplacement de l'éclairage public à Pissange*

*Als eng vu villen Energiespuermoossname ginn all d'Luuchte-pottoen an der Duerfstrooss zu Piisseng duerch LED Beliich-tungskierper ersat.*


*Par mesures d'économie d'énergie, tous les lampadaires de la Duerfstrooss à Pissange seront remplacés par des luminaires LED.*





*

# Uschafung vun Drénkwaasserfontainen
## *Acquisition de fontaines d'eau potable*



*Fir Offall ze vermeiden an eis Ëmwelt ze schützen, huet d'Gemeng all Schüler aus der Reckenger Primärschoul ee Waasser-bidong geschenkt. An där Iddi huet d'Gemeng och entscheet, 4 Drénkwaasserfontainen unzeschafen, déi op folgende Plazen installéiert wäerte ginn: Primärschoul Kleesebierg, Sportshal, Gemeng a Gemengenatelier. Einfach accessibel an ëmmer disponibel wäerten dës Fontainen iech jidderzäit fréscht Drénkwaasser ubidde kënnen. D'Käschte vun dësem Devis belafe sech op 20.000.-€.*

*Depuis l'été 2019 et par mesure d'économie de déchets et de protection de l'environnement, la commune a offert un bidon à eau à chaque élève de l'école primaire de Reckange. Dans cet esprit, la commune fera l'acquisition de quatre fontaines de distribution d'eau potable qui seront installés à proximité des bâtiments suivants: Ecole Kleesenberg, hall sportif, mairie et atelier communal. Faciles d'accès et toujours disponibles, ces fontaines proposeront de l'eau fraîche à tout instant de la journée. Le devis s'élève à 20.000.-€.*







Logements sociaux «Quäärten»
(Provisoresch Duerstellung /
*Visualisation provsioire)*

## Virbereedungsstudien am Kader vum soziale Wunnengsbau

## *Etude préparatoire en vue de la réalisation de logements sociaux*

D'Hengeschtshaus am Éilenger Duerfkär. /
*La «Maison Hengesch» dans le centre d'Ehlange.*

D'Gemeng gesäit de Bau vun 2 soziale Wunnresidenzen zu Éileng vir. Dës Residenze wäerten an der neier Cité «Op de Quäärten» stoen. D'Hengeschtshaus zu Éileng soll ëmgebaut ginn zu Wunnénge fir Jonk an Al. Dës Logementer sinn exklusiv fir d'Locatioun geduecht et gi mat engem Subside vum Famillјeministère vu 75% ënnerstëtzt.

*La commune construira deux résidences à logements sociaux à Ehlange. Elles se situeront dans le nouveau lotissement «Op de Quäärten». La «Maison Hengesch» sera transformée en complexe de logements pour jeunes et seniors. Ces logements seront exclusivement dédiés à la location et le projet sera subsidié par le Ministère de la famille à raison de 75%.*



D'Orthophoto weist d'Parzell zu Wickreng, op där de Centre géif gebaut ginn. /
*L'orthophoto montre la parcelle à Wickrange sur laquelle serait construit. le centre.*

## Maachbarkeetsetude iwwert e CIPA zu Wickreng
## *Étude de faisabilité pour un CIPA à Wickrange*

D'Gemeng gesäit de Bau vun engem CIPA (Centre intégré pour personnes âgées) vir. Dëse Projet gëtt an Zesummenaarbecht mat de Gemenge Monnerech an Dippech realiséiert, mat deenen e Syndikat gegrënnt géif gi fir d'Verwaltung vum Centre. Dëse CIPA wäert eng Kapazitéit vun ongeféier 120 Better hunn.

*La commune prévoit la construction d'un «CIPA» (Centre intégré pour personnes âgées). Ce projet est à réaliser avec les communes de Mondercange et de Dippach, avec lesquelles un syndicat sera spécialement créé pour la gestion du centre. Le CIPA aura une capacité d'environ 120 lits.*

Administration communale
de Reckange-sur-Mess